N°1672
Entrée le 19.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°1672 vum 17. Dezember 2024 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

**1. Wien ass an dësem Post mat "mir" gemengt?**

Mat „mir" ass déi aktuell Regierung an déi aktuell Koalitioun gemengt. D'Steier-Entlaaschtung ass e Leitmotiv vum Koalitiouns-Accord „Lëtzebuerg fir d'Zukunft stäerken", vum Budget 2024, vum Entlaaschtungs-Pak an och vum Budget 2025.

Den 9. Oktober 2024 huet de Finanzminister, am Numm vun der Regierung, de Budget vum Staat fir d'Joer 2025 virgestallt an dobäi nach eemol op dëse Sachverhalt verwisen. De Begrëff „Méi Netto vum Brutto" ass och vum Finanzminister an der Presentatioun vum Entlaaschtungspak gemaach ginn. Dës Presentatiounen huet de Finanzminister am Numm vun der Regierung gemaach. Dat gouf och esou op de soziale Medie kommunizéiert.

**2. Fënnt de Minister et glécklech, dass de Finanzministère Slogans mat de Messagen vun enger politescher Partei (CSV) notzt a sponsort?**

De sougenannte Slogan ass e feststoende Begrëff am däitschsproochege Raum zanter Joren.

„Méi Netto vum Brutto" bedeit als feststoende Begrëff dobäi, dass d'Leit op hirem Brutto no Besteierung méi Netto iwwreg hunn.

Fir d'Regierung ass et virun allem awer eng Zilsetzung an eng Zouso, fir de Leit méi Kafkraaft an de Betriber méi Kompetitivitéit ze ginn, sou wéi et am Koalitiouns-Accord festgehalen ass.

Lëtzebuerg, de 19. Dezember 2024

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth